

Lëtzebuerg, den 25. Mee 2021

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

« Et ass mer zu Ouere komm, dass et aktuell Diskussiounen iwwer d'Schafe vun engem P&R um Hareler Poteau tëscht dem Ministère an de Gemengeresponsabele gëtt. Zesumme mat enger Expressbuslinn géif dëst de Beruffpendler aus der Regioun et erlaben, an enger Stonn an der Stad ze sinn.

Donieft wier sou e Parking och fir den Tourismus ronderëm de Stauséi intressant.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister weider Informatiounen zu deenen Diskussiounen ginn ?*
- Ass an deem Kader virgesinn, dee P&R mat enger Expressbuslinn bis an d'Stad ze verbannen ?*
- Gëtt och nach iwwer änlech Projeten an anere Landesdeeler nogeduecht ? Wa jo, wou wieren dës Standuerter ? Wéi gesäit hei d'Zesummenaarbecht mat de respektive Gemengen aus ? »*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat héifleche Gréiss,

A handwritten signature in blue ink, appearing to read 'A. Bauler', with a stylized flourish at the end.

André BAULER
Deputéierten